N° 6922
Entrée le 08.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6922 vum 29. September 2022 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert den "Projet pilote au "Haff Réimech""**

**Wéi vill Wëllschwäin missten laut dem Ofschossplang pro Joer op dem Lous am Haff Réimech geschoss ginn a wéi vill sinn der effektiv geschoss ginn?**

Een Ofschossplang bezitt sech ëmmer op eng Juegdperiod (période cynégétique), déi 3 Joer dauert. Fir déi lafend Period (1.4.2021-31.3.2024) stinn am Ofschossplang fir den Haff Réimech 56 Wëllschwäin.

Fir den zweeten Deel vun der Fro ze beäntwerten muss e bëssen méi wäit ausgeholl ginn:

Wéi déi nei Juegdlousen gezeechent goufen, war een sech op Grond vun de Gegebenheeten vum Site, sou wéi och den Experienzen op dësem spezielle Site eenz, datt den Haff Réimech an d'Schwammweiheren net wäerte klassesch bejot kënne ginn, dëst virun allem wéint Aspekter vun der Sécherheet vum Mënsch, wéi awer och wéinst dem Naturschutz.

Zemools wéinst dem Aspekt vun der Sécherheet ass sech dofir decidéiert ginn, all di problematesch Plazen an engem Juegdlous zesummen ze faassen, a net un eng Privatpersoun ze verpachten.

Déi vill Waasserflächen a Kombinatioun mat der héijer Unzuel u Visiteuren stellen am Fall vun enger klassescher Juegd ee Sécherheetsrisiko duer. Aus dësem Grond ass sech entscheet ginn, déi Gefor net anzegoen an dofir gouf nach kee Wëllschwäin um Juegdlous 620 säit der Aféierung vun den neie Juegdlouse geschoss. An der Vergaangenheet an aktuell gëtt nach ëmmer no potentielle Léisunge gesicht, bei deenen de Sécherheetsrisiko fir de Mënsch geréng ass.

**Wat sinn d'Konsequenzen, wann den Ofschossplang net agehalen ginn ass?**

Dat modifizéiert Règlement grand-ducal du 30 novembre 2012 relatif (a) à l'établissement d'un plan de tir pour certaines espèces de grand gibier (b) aux modalités du marquage (c) à l'organisation et au mode de fonctionnement des commissions cynégétiques régionales gesäit Folgendes vir: *« Si à la fin d'une période cynégétique le locataire n'a pas réalisé son plan de tir minimal sur une ou plusieurs espèces, il peut être invité à se présenter devant la commission cynégétique régionale pour s'expliquer. […] La commission cynégétique régionale entendue en son avis et après vérification qu'au moins un des cas d'ouverture énumérés à l'article 55 est rempli, le ministre peut ordonner des chasses administratives ou établir un plan d'action ayant pour objet la réalisation du plan de tir minimal.* »

**Wéi héich war de Wëldschued am leschte Joer a wien kënnt dofir op?**

Am Juegdjoer 2021/22 huet sech de Wëldschued am Lous 620 op 1657,97 € chiffréiert. De Juegdpiechter kënnt fir de Wëldschued op, an dësem Fall de Staat.

**Stëmmt et, dat op dem Juegdlous am Réimecher Haff d'Wëld gefiddert gëtt, fir et a Gatteren oder a Falen ze lackelen, wou et dann soll geschoss ginn?**

D'Wëld ass weeder gefiddert ginn, nach goufen Gatteren oder Falen opgeriicht.

**Wa jo, wat sinn d'Virdeeler vun dëser Juegdmethod?**
**Féiert dës Method net zu onnéidegem Stress fir d'Wëld?**

**Huet den Ëmweltministère eng Autorisatioun ginn fir ze fidderen, vu dat dat laut Artikel 11 vum Gesetz vum 25. Mee 2011 verbueden ass?**
**Existéiert e Monitoring zum Pilotprojet am Haff Réimech?**
**Wa jo, wat sinn d'Resultater?**
**Ass geplangt, dat de Pilotprojet am Haff Réimech op aneren Plazen am Landweidergefouert gëtt?**

Gatterfang vu Wëllschwäin ass zu Lëtzebuerg keng Juegdmethod.

Falls eng Kéier sollt ee Gatterfang fir Wëllschwäin am „Haff Réimech" agesat ginn, géif et sech ëm eng Gestionsmoossnam vun engem Naturschutzgebitt handelen, an net ëm Juegd. Heibäi géif et sech konkret ëm eng Derogatioun no Artikel 28 vum modifizéierte Naturschutzgesetz vun 2018 handelen.

De Moment ginn e puer Varianten fir d'Gestion vun de Wëllschwäin um Haff Réimech (net just de Gatterfang) analyséiert an evaluéiert, ier eng final Decisioun getraff gëtt, wéi et mat dësem Dossier weidergeet.

**Kënn Dir confirméieren, datt ugefroten Juegten an der Regioun an de leschte Joren net autoriséiert goufen, dorënner och eng „chasse administrative"?**

Eng Demande fir eng Klappjuegd de 25. Februar 2021 ze maachen ass eréischt puer Deeg virdrun erakomm. Déi ass sans suite bliwwen, well et sech Enn Februar net méi ëm déi klassech Klappjuegd-Saison handelt, an eng Klappjuegd am Gebitt mat zevill Stéierungen fir de Rescht vun der Fauna verbonne wier.

D'Gemeng Schengen huet 2022 eng Chasse administrative ugefrot. Aus de beschriwwene Sécherheetsgrënn huet bis dato keng Juegd stattfonnt. Der Gemeng hier Demande ass awer natierlech zur Kenntnis geholl ginn a gëtt och bei der Recherche no enger potentieller Solutioun weider berécksiichtegt.

Lëtzebuerg, den 8. November 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung